- explique qu'à l'entrée de la voirie du lieudit «Thelemoun» vers le lieudit «Kasselt» existe un panneau de circulation du type «circulation interdite dans les deux sens excepté cavaliers et bicyclette /1/2/2). Selon son avis ce panneau n'est pas correct sachant que des véhicules de toutes sortes se déplacent assez souvent vers l'aire de repos Kasselt avec son parking et vers les entrées des promenades;

⑧ Ce panneau existe en ces lieux comme pour tous les chemins ruraux depuis la mise en vigueur du nouveau règlement de circulation en 2007. En principe le signal C,2 «circulation interdite dans les deux sens» permet l'accès au chemin pour les riverains et fournisseurs. Les visiteurs du site d'escalade, de l'aire de repos et des promenades ont été toujours considérés dans le sens large comme des riverains. Mais rien s'oppose à revoir ce panneau en ce lieu.

- reproduit sa remarque concernant le renouvellement de la porte en bois menant vers la cour arrière de l'école précoce;

⑧ la commande pour ces travaux est sortie mais l'entreprise n'avait pas encore le temps d'exécuter les travaux.

- se renseigne sur l'état des travaux sur le plan d'aménagement général;

⑧ les travaux pour l'établissement de la SUP sont en cours. Pour le reste c'est le bureau d'architecte-urbaniste qui travaille sur les textes à mettre en place pour l'étude préparatoire et les PAP quartiers existants;

- raconte que lors d'une excursion en vélo un lundi matin dans la région du Mullerthal, il a dû constater qu'à part du Bistrot Martbusch à Berdorf, il n'a pu trouver un seul commerce dans la région où on aurait pu acheter une boisson ou quelque chose à manger. Pour lui ceci n'est pas une bonne carte de visite pour la région du Mullerthal et il est d'avis que cette question devrait être discutée et coordonnée dans le cadre du Parc Naturel et Géologique «Mëllerdall», sachant bien qu'il n'est pas possible de dire aux commerçants privés quoi faire. ⑧ bien que ce constat est évidemment déplorable, ceci n'est pas un problème à discuter au conseil communal. Ce dernier n'a pas de compétence pour prescrire aux commerces leurs jours et heures d'ouverture.

Fin de la séance vers 17:45 heures

# 2 Aktivitéiten ronderëm d'Gemeng

## 2000sten Awunner vun der Gemeng Bäertref

Den 10. Mee 2022 konnte mir eisen 2000sten Awunner vun der Gemeng Bäertref, de Van Der Meer Bryan Mason, begréissen! Gläichzäiteg ass et awer och ee vun deene jéngsten Awunner an dowéinst huet dem Bryan seng Mamm de Cadeau iwwerreecht kritt.  
Et sief ze bemierken, datt mir bis dato nach keng 2000 Awunner an eiser Gemeng haten. Gäre kënnt dir och eis Statistiken um Site [www.berdorf.lu/commune/statistiques](http://www.berdorf.lu/commune/statistiques) nokucken.



Eisen  
2000sten  
Awunner

## Le 2000ième habitant de la commune de Berdorf

Le 10 mai 2022, la commune de Berdorf a pu saluer son 2000e habitant, Van Der Meer Bryan Mason de Bollendorf-Pont. Etant également un des plus jeunes de la commune, sa mère a reçu de la part de la commune un petit cadeau d'accueil.

Jusqu'à ce jour la commune de Berdorf ne comptait pas encore 2000 habitants. Les statistiques sur la composition de la population peuvent être consultées à tout moment sur notre site Internet [www.berdorf.lu/commune/statistiques](http://www.berdorf.lu/commune/statistiques).

# Schmuebeleprojet vum Natur- a Geopark D'

Gemeng Bäertref huet sech un engem Projet vum Natur- a Geopark Mëllerdall bedeelegt fir de Leit d'Optioun unzebidden fir Kotbrieder (1 m / 0,5 m) énner den Näschter vu Schmuebelen z'installéieren. Als éischtent Interessent hat sech d'Famill Schmalen vum Hammhaff gemellt fir um Projet deelzehuelen.



## Stroossen an Nopeschfest 2022

No zwee Joer Pandemiepaus huet de Samschden 2. Juli 2022 endlech déi 10. Editioun vum Stroossen a Nopeschfest vun den Awunner vun de Stroossen "rue de Grundhof", "um Millewee", "Beronis Villa" a "Rockelsbongert" kënnen organiséiert ginn. Bei agréabelen Temperaturen gouf et ab 12 Auer Mëttes e flott a gemittlech Matenee vun enger 60 bis 70 Leit, bai engem gudde Patt, Gegrills a Spezialitéiten aus all Haus an Land wat vertruede war.

Leider hat de Corona et verschidde Leit awer net erlaabt um Fest deelzehuelen, respektiv gouf et an der Géigend eng Partie aner Evenementer, déi fir deen een oder aneren interessant waren. Duerfir hoffe mir ob hir Presenz am Joer 2023. Den Organisatiounscomité



## Fête de quartier et des voisins 2022

Après deux années de pause à cause de la pandémie, la 10e édition de la fête de voisins a enfin pu être organisée de nouveau par les habitants des rues de « Grundhof », « um Millewee », « Beronis Villa » et « Rockelsbongert ». Sous des températures agréables quelques 60 à 70 habitants ont pu se retrouver ensemble à partir de midi devant un verre, une grillade et des spécialités apportées par tout un chacun. Seul bémol fut que l'un ou l'autre des voisins a dû rester à la maison à cause du Corona ou n'a pas pu participer parce qu'il visitait une des nombreuses festivités organisés dans notre région ce samedi. Mais nous espérons les pouvoir retrouver l'année prochaine.

Le comité d'organisation.

# Bürgerbeteiligung PAG Berdorf

Im Rahmen der Vorbereitungsarbeiten der Vorstudie zum zu überarbeitenden Bebauungsplan der Gemeinde Berdorf (PAG), hatte der Schöffenrat die Bürger der Gemeinde am 20. April 2022 zu einem Workshop ins Kulturzentrum «A Schmadds» eingeladen. Hier wurden verschiedene Themen aufgegriffen und zur Diskussion gestellt. Diese Veranstaltung wurde von Herrn Andre Agne, Urbanist aus dem Architektenbüro Romain Schmiz, geleitet. Folgend dann eine Zusammenfassung der Ergebnisse dieser Diskussionen:

## Vorwort:

Die Gemeindeverwaltung Berdorf bedankt sich für das rege Interesse und die Unterstützung durch ihre Anwohner, im Rahmen der Bürgerbeteiligung zu Überarbeitung des kommunalen PAG. Die folgenden Themenbereiche fassen stichwortartig die wesentlichen Resultate der Veranstaltung zusammen.

## Natur & Umwelt:

- Trockenheit, heiße Sommer und sinkender Grundwasserspiegel sensibilisieren für einen nachhaltigen und schonenden Umgang mit dem Niederschlagswasser.
- Hochwasserproblematik und Extremwetterereignisse wurden diskutiert. Insbesondere für die gefährdeten Siedlungslagen entlang der Sauer.
- Abtrag von fruchtbaren Böden des Berdorfer Plateau durch Starkregenereignisse könnte durch Feldheckenanlagen gemindert werden. Weiterhin positive Effekte für die Biodiversität.
- Durch größtenteils klimatische Veränderungen hat sich sowohl der Lebensraum, als auch das Landschafts- und Erscheinungsbild des Waldes zum negativen geändert (z.B. Zunahme Borkenkäfer).
- Unter Anbetracht der trockenen Sommer der letzten Jahre und des vielen Totholzes im Wald wurden Brandschutzkonzepte für Waldbrände gefordert.
- Monokulturen sollten wenn möglich durch Mischwälder ersetzt werden. Gegebenenfalls mit Baumarten die die Klimaentwicklung besser verkraften.

## Plätze & Freiräume:

- Aufenthaltsqualität entlang der Sauer steigern?
- Der öffentliche Raum der Gemeinde ist nicht sehr barrierefrei.
- Mehr Sitzgelegenheiten im öffentlichen Raum angesprochen. Vorschlag: Privatpersonen können Bänke stiften und werden mit einer Plakette geehrt.
- Bürgersteige und Gehwege seien oft zu schmal, oder sind schräg. Auch die Wegeführung bietet an einigen Stellen Verbesserungspotential. Rad- und Gehwege sollen idealerweise nicht entlang der Straße verlaufen.
- Freiräume und Begegnungsflächen in Berdorf (Ortschaft) sollten belebter sein.
- Große Baupotentialflächen inmitten der Ortschaft Berdorf sollten aufgrund der zentralen und ortsbildprägenden Lage im Falle einer baulichen Inanspruchnahme nicht „vollgebaut“ werden, sondern Grünflächen und Gehwege (parkähnlich) enthalten.
- Bollendorf-Pont verfügt über keine wahrnehmbare Ortsmitte/Dorfplatz.

## Arbeit & Versorgung:

- Eine Steigerung des Arbeitsplatzangebots in der Gemeinde nicht zwingend gewünscht, aus Sorge den idyllisch-ruralen Charakter der Gemeinde zu überprägen. Wenn zusätzliche Arbeitsstellen entstehen sollen, dann eher kleinteilig und maßvoll.
- Große Epicerie fehlt in der Gemeinde. Evtl. fehlt die kritische Masse zur Betreibung? Wichtig für die Senioren. Im Hinblick auf die Integration eines Supermarkts in das Ortsbild, gilt auch hier kleinteilig und maßvoll zu planen.
- Nahversorgung Bollendorf-Pont verbesserungswürdig. Aktuell weitestgehend über eine Tankstelle gesichert, sowie über den Einzelhandel im benachbarten Deutschland auf der anderen Seite der Sauer.

## Bauen, Wohnen, Infrastruktur:

- Befürwortung des Grundsatzes Innenentwicklung vor Außenerweiterung.
- Baulücken schließen und harmonisch Verdichten. Vorsicht, dabei nicht das Ortsbild mit zu dichter Bebauung und zu großen und hohen Baukörpern zu überprägen.
- Traditionelle Bauformen/Bauweisen bei neuen Projekten aufgreifen und sich somit an den baulichen Bestand anpassen, um eine schonende Siedlungsentwicklung zu gewährleisten.

- Flächenversiegelung verringern und innerörtliche Grünflächen in neue Projekte integrieren.
- Richtlinien für die Gestaltung von Vorgärten vorgeschlagen. Keine Stein-Vorgärten mehr zulassen. Prämien für einheimische Pflanzen in der Gestaltung zur Verbesserung der Biodiversität und des lokalen Klimas.
- Interesse an förderungsfähigen Wohnungsbauprojekten in der Gemeinde, insbesondere für junge Leute. Wohnarten und moderne Konzepte denkbar.
- Der Denkmalschutz besitzt für das kulturhistorische Erbe und dessen Bedeutung für die lokale Identifikation eine besondere Bedeutung im PAG.

### **Tourismus & Kultur:**

- Informationskarten/Tafel mit Wanderkarte zur Verbesserung der Zugänglichkeit der Naherholungsangebote.
- Wunsch nach einem Schwimmbad (Erlebnisbad) in der Gemeinde, sowie weitere Naherholungsfunktionen wie Tennisplatz, Squashfeld, Minigolf uä. wurden diskutiert. Ebenso attraktive Schlechtwetter-Angebote (auch im Hinblick auf Campingtouristen).
- Herausforderungen durch den Rückgang des Hotelgewerbes in der Gemeinde.
- Mountainbikefreundliche Angebote schaffen um diesen Tourismussektor zu fördern. Diebstahlsichere Abstellmöglichkeiten (M-Box), Reparatur- und Waschmöglichkeiten etc.
- Um Konflikte im Wald mit anderen Waldnutzern vorzubeugen wurden dezidierte MTB-Strecken diskutiert.

### **Soziale Integration & Vereinsleben:**

- Treffpunkte, Infrastruktur/Angebote für Jugendliche sollten verbessert werden.
- Vereinsleben in der Gemeinde ist grundsätzlich stabil.
- Neuer Mountainbikeclub nach Wegfall der Drittpiste an der Schule gegründet. Eine dezidierte Vereinsstrecke, getrennt von Wanderwegen, könnte ein zusätzliches Freizeitangebot schaffen (auch für Touristen). Fraglich in wieweit und wo mit Naturschutzbelangen zu vereinbaren.

### **Verkehr:**

- Bollendorf-Pont: Fahrradweg entlang der Sauer zwischen alter Schule und Brücke und Fahrradrastplatz an der Sauer könnten ausgebaut werden.
- Berdorf: zu wenig dezidierte Radwege die gut erkennbar oder baulich von der Fahrbahn der Straße getrennt sind.
  - Ausschilderung der Radwege verbessierungsfähig (auch für Touristen).
  - Radwegeverbindungen intra- und interkommunal. Verbindung zu Nachbargemeinden verbessern, insbesondere Oberzentrum Echternach
- Verkehrssicherheit: Projekte weniger autofreundlich gestalten. Straßen im Voraus so planen, dass nicht nachträgliche Verkehrsberuhigungsmaßnahmen erforderlich werden.
- Spielstraßen/zones de recontre für Wohngebiete fördern
- ÖPNV sei für Anwohner eher weniger interessant. 3 von ca. 60 Anwesenden gaben an nur gelegentlich öffentliche Verkehrsdienste zu nutzen, obwohl diese kostenfrei zur Verfügung stehen, da der Zeitaufwand zu hoch sei. Verglichen mit dem Individualverkehr benötige man doppelt so viel Zeit und laufe stets Gefahr Anschlussverbindungen zu verpassen.
- Der Schülertransport sollte verbessert werden.
- Bürgersteigerweiterung durch Abtretung von 5% der privaten Anliegergrundstücke möglich.
- Gestaltung von Nationalstraßen seien innerorts, vor allem im Bereich der Schulwege, zu autofreundlich.
- Die N10 entlang der Sauer (zwischen Grundhof und Weilerbach) solle im Bereich der Ortseinfahrten optisch, oder durch andere Maßnahmen, beruhigt werden. Die Ortseingänge in Weilerbach nicht ausreichend wahrnehmbar.
- Wären Carsharing-Konzepte für Berdorf denkbar? Positive Synergieeffekte mit dem Camping- und Wandertourismus denkbar (Bsp. Flexcar CFL)



# Lëtzebuerger Nationalfeierdag 2022

## Deendësjäregen Nationalfeierdag konnt endlech nees an der gewinnter Form stattfannen.

No dem traditionellen Te Deum an der Porkierch zu Bäertref, gounz et dunn am Cortège vum Gemengenhaus a Richtung Centre « Maartbësch », wou ob der Festplaz déi offiziell Festivitéité stattfonnt hunn.

Obschonn et net onbedéngt duerno ausgesinn huet, ass et dréche bliwwen, an de Programm konnt ewéi geplangt bei beschtem Wieder duerchgezu ginn. No der Festried vum Buergermeeschter Joe Nilles, goufe verdéngschtvoll Membere vum Pompjeescorps resp. CGDIS geéiert, an duerno déi erfolgräich Sportler aus eiser Gemeng. No der feierlecher Heemecht huet de Buergermeeschter op den Éierewäin invitéiert, deen sech nawell laang erausgezunn huet.

Merci der Harmonie Berdorf an der Chorale mixte Berdorf-Consdorf fir de musikaleschen Encadrement, an de Veräiner vun de Bärerträffer Pompjeeën an der Jugendkommissiou vum USBC01, dass si sech ém de Comptoir an de Grill gekëmmert hunn.

Merci alle Leit, déi un dëse Feierlechkeeten deelgeholl hunn.



## Ried Nationalfeierdag 2022

Léif Schäfffrénn Susy an Dan, léif Kolleegen aus dem Gemengerot, fréieren Buergermeeschter Ern Walerius, den EU-Kommissär Nicolas Schmit, d'Ortsbürgermeisterin vu Bollendorf Sylvia Hauer, als Vetryder vum Bürgermeister Moritz Petry vun der Südeifel Gemeinde, de Beigeordnete Horst Zwank, léif Beamten an Mataarbechter vun eiser Gemengeverwaltung, eise Fierschter, d'Schoul- a Léierpersonal, souwéi eis Educatricen an Educateuren, Membere vun eise Kommissioune, Membere vun der Harmonie Berdorf, Membere vun der Chorale Berdorf a Consdorf, Membere vum CGDIS / CIS Berdorf, souwéi der technescher Asazgrupp GATO.

D'Pastoralteam, d'Vetryder vun de Veräiner aus der Gemeng.

Léif Bärerträffer aus all eisen Uertschaften,

Ech si richteg vrou iech allegueren hei ze gesinn. Endlech kënne mer eisen Nationalfeierdag erëm esou feieren, wéi mer et bis virun 3 Joer gewinnt waren.

Schlüsslech ass et dat Zesumme-sinn, dat dësen Dag esou extra mécht. Ma wéi mer geduecht haten, datt déi eng Kris – op d'mannst zäitweis – an den Hannergrond getrueden wier, stoung schon di nächste Katastroph virun der Dir. Déi russesch Attack op d'Ukrain huet eis all verdrësslech a rose gemaach.

Dee Krich suergt fir schwéier z'erdroend Leed. Millioune Mënschen – zemol Fraen a Kanner – hu musse flüchten. Kee vun hinne weess fir wéi laang an wat bis dohinner mat der Famill a mat de Frénn doheem geschitt. Kee vun hinne weess, ob si iwwerhaapt nach en doheem hunn, wa se eemol kënnen zeréckgoen. D'Lëtzebuerger Regierung huet séier an onkomplizéiert gehollef. An och vill Privatleit hunn d'Ukrainesch Famillen opgehol, wéi och hei zu Berdorf d'Famill vum Roger Sousa sech bereet erkläert huet spontan eng Famill an hirem Doheem opzehuelen. Och den SIT Berdorf huet mat Chaleten um Camping 3 Familljen bei der Ënnerbréngung gehollef.

Dee Krich an der Ukraine kascht Affer. Mënschelieren op der Plaz a wirtschaftlech Aboussen uechter d'Welt: och zu Lëtzebuerg. Jidderee mierkt et bei sech: beim Hëtzen, beim Tanken, beim Akafen.

D'Regierung an d'Sozialpartner hunn dofir an der Tripartite mat engem historesche Pak an Héicht vun iwver 830 Milliounen Euro reagéiert.

De Solidaritéitspak soll eis hëllefen duerch d'Kris ze kommen. D'Solidaritéit ass d'Leitmotiv vum Accord. Fir Keen am Ree stoen ze loessen. Net d'Bierger an och net d'Betriber.

An der Hoffnung, datt de Krich esou séier wéi méiglech wäert eriwwer sinn, weisen eis déi russesch Attacken awer och, datt et um Enn keng Alternativ zum Fridden tëscht de Vëlker gëtt.

Léif Bierger,

Och wa mir émmer nees vun Kricher, Pandemien oder anere Krisen iwwerrascht ginn, bréngt keen et fäerdeg, datt d'Äerd stoe bleift.

An esou geet et och an eiser Gemeng émmer virun.

Mol méi schnell, mol méi lues.

An esou schaffe mir am Moment intensiv un eisem Bau vun der neier Schoul, Maison Relais an der Crèche. Jo, duerch déi bekannten Ëmstänn ginn et Bremsen a Präiserhéijungen, an awer müssen mir elo mat Héichdrock dëse Projet fäerdeg kréien.

Eis Gemeng huet déi lescht Joren permanent un de Verbesserungen vun eisen Infrastrukture geschafft fir esou an allen Uertschaften d'Liewensqualitéit vun den Awunner ze verbesseren.

Ëmsou méi wëll ech dann haut och déi an der leschter Zäit méi heefeg Graffiti- a Vandalismusaktivitéiten an eiser Gemeng verurteelen. Dëst si keng Kavaléiersdelikter, mee et si muttwölleg Zerstéierunge vu privaten oder öffentlechen Ariichtungen wou een dann och mat deene néidege Konsequenzen muss rechnen.

Mir sollen dankbar si fir eis an esou engem gutt ausgestatten an gefleegte Land, an esou enger Gemeng kennen ze wunnen wat sécherlech am internationale Vergläch ganz ganz uewe steet. Dëse Komfort, jo souguer Luxus kënne mir némme genéissen, well mir eng gesond finanziell Situatioun hunn.

Léif Leit,

Léif Touristen, léif Gäscht,

Liebe Touristen oder Gäste aus unseren Nachbarländern, auch Ihr seid in Berdorf willkommen und gehört seit über 100 Jahren zur unserer Gemeinschaft.

D'Gemeng Bäertref ass definitiv keng Schlofgemeng. Deen émmer méi steigenden Tourismustrend weist eis wéi schéin eis Natur ass an datt vill Leit aus der ganzer Welt hir Wandervakanzen hei verbréngen. Dëst erméiglecht eis och an engem klengen Duerf ee grousse Choix mat Restaurante, Campinger an soss touristesche Betriber.

Mee mir müssen oppassen, datt mir net eist eegen Affer vum Succès ginn an eis Natur an Éieren halen. Mir müssen d'Situatioun permanent beobachten an gegebenenfalls reagéieren.

Datt mir keng Schlofgemeng sinn hu mir awer och deene vallen aktive Veräiner an eiser Gemeng ze verdanken. Virun allem awer deenen, déi Joer fir Joer hir grouss Evenementer organiséieren an eist Duerfliewen d'ganzt Joer iwver mat flotte kulturellen, sportlechen oder kulinareschen Highlights beräicherem.

Hei sief virun allem un all déi vill engagéiert Veräinsleit erënnert, déi sech Dag vir Dag bénévol am Sënn vun der Allgemengheet engagéieren.

Hinnen all gëllt haut vu menger Säit ee ganz grousse Merci fir hir Aarbecht.

Ee Merci och un d'Amicale vun de Pompjeeën an un d'Jugend vum USBC01 fir de Comptoir respektiv de Grill haut den Owend um Virowend vum Nationalfeierdag.

An dem Kader, wëll ech och nach ee méi spezielle Merci lass ginn. An zwar wëssen mir allegueren dass de Bénévolat keng einfach Zäiten huet.

Dofir wollt ech haut 2 Leit fir hiert exemplarescht Engagement am Veräin mat engem groussen Applaus éieren an Merci soen.

Dat ass de Roger Eiffes, dee 46 Joer Sekretär am Comité vun eiser Harmonie war.

An de René Manternach, dee 24 Joer President vun der Harmonie war.

Roger an René, mäin déifste Respekt!

Léif Bierger,

Op Nationalfeierdag feiere mir den Zesummenhalt vun all de Leit, déi hei am Land liewen... egal vu wou se hierkommen a wéi laang se schonn hei sinn... also all dat, wat Lëtzebuerg nach émmer ausgemaach huet.

An do denken ech och un déi grouss Solidaritéit vun eise Bierger während de leschte Joren, wéi déi absolut Majoritéit sech géint de Covid-Virus impfe gelooss huet. Net just fir sech selwer ze schützen, mee och aus Respekt virun de vulnerabele Leit.

*Et ass déser grousser Disziplin ze verdanken, datt mir net vum Virus iwwerrannt gi sinn.*

*Et war awer och eng delikat Verantwortung fir d'Politik éummer erëm un déi neisten Entwécklungen unzepassen. Dat war net éummer no all Mensch sengem Goût. Ma ech denken, datt d'Regierung, d'Chamber, de Staatsrot an d'Politik op Gemengenniveau no beschtem Wëssen a Gewësse gehandelt hunn.*

*An haut op Nationalfeierdag feiere mir dofir zesummen eise Staatschef, deen eis Unitéit, eist Land verträfft. Op Groussherzogsgebuertsdag, wëll ech dem Grand-Duc Henri a senger ganzer Famill dofir eise Respekt an eis oprichteg Wënsch ausspriechen.*

*Ech wënschen lech alleguer e schéinen Nationalfeierdag!*

**Vive de Grand-Duc!**

**Vive eis groussherzoglech Famill!**

**Vive Lëtzebuerg!**



### Eierung vu verdéinstvolle Membere vum Pompjeeescorps respektiv dem CGDIS

Jugendpompjeeën:

**Fynn Ademes** Bronze

**Metzler Tim** Bronze

**Phillip Schilz** Bronze

**Alexander Burnette** Bronze an Selwer

**Max Johanns** Bronze an Selwer

Médailles vun der Sécurité civile:

**Parolin Manon** fir 10 Joer Dengscht médaille en bronze

**Metzler Paul** fir 15 Joer Dengscht médaille en argent

**Laschet Mike** fir 20 Joer Dengscht médaille en vermeil

**Wacker Christian** fir 20 Joer Dengscht médaille en vermeil

**Breuskin Alain** fir 20 Joer Dengscht médaille en vermeil

**Peffer Serge** fir 20 Joer Dengscht médaille en vermeil

Fir Medaillen vun der Féderatioun:

**Schoos Jean** fir 30 Joer Dengscht Croix de mérite en argent

**Scharff Dan** fir 35 Joer Dengscht Croix de mérite en argent avec couronne

**Jacoby Aly** fir 35 Joer Dengscht Croix de mérite en argent avec couronne

**Siebenaler Marco** fir 40 Joer Dengscht Croix de mérite en or

**Reisdorf Edy** fir 45 Joer Croix de mérite en or avec couronne

**Mariany Nicolas** fir 45 Joer Croix de mérite en or avec couronne

## Eenzelsportler, resp. Sportler an nêt-lokalen Veräiner:

**Claudine Koch** – Berdorf (Special Olympics)

1. Platz Ballwerfen op den National Athletics Indoor Games 2021

**Gilles Seywert** – Berdorf (Bouschéissem)

World Cup Antalya (Tierkei)

33. Plaatz Individuell ennert 87 Participanten

9. Plaatz par Equipe an där selweschter Compétitioun

European Grand Prix zu Plovdiv an Bulgarien

6. Plaatz am Eenzel bei 44 Konkurrenten

3. Plaatz par Equipes am Mixte Team mat engem neien nationalen Rekord an

5. Plaatz am Compound Team par Equipes

Europameeschterschaft zu München

17. Plaatz vun 77 Tireuren am Eenzel

9. Plaatz am Mixte Team an 17. Plaatz mat der Härenequipe

Weltranglescht: 57. Plaatz

Europaranglescht: 23. Plaatz

**Fabio Santomauro** - Dëschtennis

Champion national par équipe mam DT Diddeleng 2020 an 2021

Vainqueur Coupe de Luxembourg mam DT Diddeleng 2020

**Ariel Marcelo Barbosa** - Dëschtennis

Championne nationale Juniors 2021

3. Platz Championat national dames 2021 an 2022

**Nadine Resch** - Sportfëschen

Championne nationale a fédérale U20 2021

**Mara Ecker** – Handball

2. Platz Championat national Dames mam HB Museldall

**Sam Kretz** – Golf

Champion national en équipe 2021

3. Platz Championat national 2021

## Equipen an Sportler aus lokalen Veräiner

**DT 1962** - Berdorf

Equippen

**Équipe Seniors 2 :**

Opstieg an 3. Divisioun: Poos Michel/Jade Quentin/Schulz Luc/

Barbosa Kleber/Baulisch Marco/Schroeder David

**Équipe Cadets 1 :**

Opstieg an 2. Divisioun + Opstieg an 1. Divisioun: Loureiro Adrien/Gieres Chiara/Schmit Pol

**Équipe Cadets 2 :**

Opstieg 3. Divisioun: Zhu Yves/Zhu Steven/Mendes Ruben

**Équipe Jeunes 1 :**

Opstieg an 1. Divisioun: Hurt Anna/Hurt Lisa/Schulz Luc/Meylender Chris

**Équipe Minimes 1 :**

Opstieg an d'Nationaldivisioun: Loureiro Adrien/Gieres Chiara/Schmit Pol

**Équipe Minimes 2 :**

Opstieg an 1. Divisioun: Zhu Steven/Zhu Yves/Mendes Ruben

Eenzelspiller

**Vaessen Joyce:**

Champione nationale Seniors Kategorie D 2022

**Gieres Chiara:**

3. Platz Championat national Seniors Catégorie D 2022

2. Platz Championat national Cadettes 2022

1. Platz Kriterium national Minimes 2022

**Hurt Lisa:**

2. Platz Championat national Cadettes 2022

**Hurt Anna:**

3. Platz Kriterium national Juniors 2022

**US BC 01 Berdorf/Consdorf**

Minimes:

Champion Classe 5 an Opstieg an d'Classe 4



Impressioune vun Nationalfeierdag

# Wëllkommenspatt fir déi nei Bierger

## Pot d'accueil pour les nouveaux résidents

**N**o zwee Joer Zwangspaus konnt d'Integratiounskommissiouen dëst Joer mol nees déi nei Bierger aus der Gemeng zu engem Wëllkommenspatt am Kulturzentrum « A Schmadds » alueden.

Eng 220 Leit sinn am Zäitraum 2020-2022 nei an eis Gemeng geplënnert. Duerfir waren dann och relativ vill nei Bierger der Invitatioun nokomm a konnten sech mat de Gemengevertieder, dem Gemengepersonal an de Membere vun de Gemengekommissiounen austauschen.

No der Begréissung duerch de Schäffen Dan Scharff, huet d'Nathalie Siebenaler, Sekretärin vun der Kommissiouen, d'Gemeng Bäertref mat senge verschidde Facetten, e.a. mat deem flotte Promotiounsfilm, virgestallt. Duerno konnten d'lokal Veräiner hir Aktivitéite virstellen. Dat waren: D'asbl Konterbont, d'Fraen a Mammen vun der Gemeng Bäertref, d'Pompjeeë Bäertref mam CIS Berdorf, d'Harmonie Berdorf, de Fussballveräin USBC01 Berdorf-Consdorf an den Dëschtennis DT Bäertref 1962.

D'Schlusswuert hat de President vun der Integratiounskommissiouen Jean Schoos. Duerno kruten d'Leit e Patt mat chinesesche Spezialitéite zerwéiert, an dat an enger gemittlecher Atmosphär.



Après deux ans de pause forcée, la commission d'intégration de la commune a pu organiser cette année de nouveau le traditionnel pot d'accueil pour les nouveaux citoyens au centre culturel « A Schmadds » à Berdorf. Environ 220 personnes sont migrées les deux dernières années vers notre commune. Par conséquent un nombre assez élevé de nouveaux citoyens ont suivi l'invitation et ont pu s'échanger avec les représentants du conseil communal, des commissions et avec le personnel communal.

Après l'allocution de l'échevin Dan Scharff, Madame Nathalie Siebenaler, secrétaire de la commission d'intégration, présentait la commune dans ses différentes facettes, entre autre avec le film de promotion de la commune. Dans la suite les associations locales ont obtenu l'occasion de présenter leurs activités. C'étaient l'asbl Konterbont, les "Fraen a Mammen vun der Gemeng Bäertref", les sapeurs-pompiers de Berdorf et le CIS Berdorf, l'Harmonie de Berdorf, le club de football USBC01 Berdorf-Consdorf et le Tennis de table DT Bäertref 1962.

Après le mot de clôture du président de la commission d'intégration, Jean Schoos, les invités ont pu boire un verre et déguster quelques spécialités chinoises dans une ambiance chaleureuse.

# Presentatioun vum Projet «Holzfässer aus Bäertréffer Eechen»



D'Iddi zu dësem Projet gouf 2015 ob engem flotten Owend ob der Musel bai engem gudde Pättche Wäi gebuer: Aus Holz aus de Bäertreffer Bëscher Holzfässer maache loosse, mat deene verschidde Produiten (Wäin oder aner Saachen) produzéiert kënne ginn, wou d'Gemeng ka fir hir Evenementer nutzen.

De Frank Adam a Claude Wagner haten de Schäfferot relativ schnell vun där Iddi iwverzeeght. An du gung d'Plange lass.

Mat der Merranderie Krizs vu Reherrey an der Tonnelerie Vicard vu Cognac waren Ufank 2016 schnell zwee Partner fonnt fir de Projet émzesetzen. D'Eechen aus de Bäertreffer Bëscher goufe vun dëse Betriber iwver dräi Joer verschafft an et sënn eng hallef Dosen Holzfässer entstanen.

Mat Hëllef vum Benoît Kox, Vertrieder vu Vicard zu Lëtzebuerg, huet eng Delegatioun vun der Gemeng am Juni 2018 d'Resultat vun dëser Aarbecht kënne kucke goen a ware beim finale Akt vun der Fäerdegestellung vun de Fässer derbäi.


Partner hei am Land huet d'Gemeng a folgende Betriber fonnt: Benoît & Claude Kox vu Réimech, Häremille vun Éinen, Schumacher Lethal & Fils vu Wuermeldeng an Opyos Beverages aus der Keiwelbaach.



Duerch d'Pandemie konnt déi offiziell Presentatioun, déi fir 2020 programméiert war net stattfannen. Dat huet et awer de Betriber erlaabt schonns déi éischt Cruë vun hire Produiten an dëse Fässer ze produzéieren: E Chardonnay 2018 vu Schumacher Lethal & Fils, e Pinot Noir 2018 vun der Häremillen, e Pinot Gris 2018 vu Benoît & Claude Kox an de Bäertrëffer Opyos Cask Aged Gin.

E Projet, deen eng Win-Win Situatioun fir all Partner duergestallt huet, an duerfir war d'Zefriddeneet bei der Presentatioun vum Projet gutt erauszhéieren.

D 'Leit wäerten d 'Geleeënheet kréien dës Produite bei der enger oder anerer Reception vun der Gemeng kënnen ze degustéieren. Mä eis Fässer ginn natierlech nach fir weider Joergäng vun de genannte Betriber genutzt.



# Änderung der Grenzen der Gemeinden Berdorf und Consdorf in der Ortschaft Kalkesbach

**A**m 6. Oktober und 30. September 2021 genehmigten die Räte der Gemeinden Berdorf und Consdorf jeweils für ihren Teil eine Änderung ihrer Gemeindegrenzen.

Die Änderung der Grenzen zwischen den zwei Gemeinden hat als Grund die Grenzen so zu zeichnen, dass die Gebäude welche vorher in der Ortschaft Kalkesbach auf dem Territorium der Gemeinde Consdorf standen, in Zukunft ausschließlich unter die Verwaltung der Gemeinde Berdorf fallen.

Zusammenfassend werden vier Hauptgründe für dieses Projekt angeführt:

- eine Verbesserung der Gemeindedienste,
- eine bessere Verwaltung der Abwasserinfrastrukturen,
- Vereinfachung der Verwaltungsprozeduren,
- eine einheitliche Urbanisierung der Ortschaft Kalkesbach.

Die Gemeinde Berdorf tritt eine Fläche von 347,93 Ar an die Gemeinde Consdorf ab, während die Gemeinde Consdorf eine Fläche von 388,73 Ar an die Gemeinde Berdorf abtritt.

Der Unterschied in den Flächen kommt daher, dass die Straße CR137 A sowie der Bach Kalkesbach zum öffentlichen Raum gehören haben und keine genaue Fläche vor dem Aufmaß durch das Kataster bekannt war. Das dementsprechende Gesetzesprojekt wurde in der Abgeordnetenkammer am 6. Juli 2022 einstimmig angenommen und tritt in Kraft nachdem es im Memorial veröffentlicht wurde.



## Changement de limites entre la commune de Berdorf et la commune de Consdorf dans la localité de Kalkesbach

**P**ar leurs délibérations respectives des 6 octobre et 30 septembre 2021, les conseils communaux des communes de Berdorf et de Consdorf ont donné leur accord à une modification de leurs limites communales.

Le changement de limites entre les deux communes a pour objet de retracer les limites entre les deux communes de sorte à ce que les immeubles implantés sur le territoire de la commune de Consdorf, localité de Kalkesbach, fassent partie du territoire de la commune de Berdorf dont relèvera, désormais, à elle seule, la gestion de la localité entière de Kalkesbach.

En résumé, le changement des limites est motivé par quatre raisons majeures:

- une amélioration des services communaux ;
- une meilleure gestion des réseaux des eaux usées ;
- une simplification administrative ;
- une urbanisation uniforme de la localité de Kalkesbach.

La commune de Berdorf cède une surface de 347,93 ares à la commune de Consdorf et la commune de Consdorf cédera une surface de 388,73 ares à la commune de Berdorf. La différence s'explique avec l'état antérieur de domaine public du CR137A et du ruisseau Kalkesbach sur les anciennes limites des communes et la surface inconnue de ces surfaces avant le mesurage exact.

Le projet de loi a été voté dans la Chambre des Députés le mercredi 6 juillet 2022 à l'unanimité des voix des députés et entrera en vigueur après publication au Mémorial.

# Centre d'Initiative et de Gestion Régional (CIGR) Mëllerdall

**L**e Centre d'Initiative et de Gestion Régional (CIGR) Mëllerdall est une association sans but lucratif qui s'occupe de la formation et de l'éducation des chômeurs de longue durée afin de les aider à se réinsérer avec succès sur le 1er marché du travail.

Le 17 juin 2022, cette association a fêté son 10ème anniversaire avec 150 invités, dont Monsieur le Ministre Georges Engel, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Economie sociale et solidaire ainsi que Monsieur le Ministre Lex Delles, Ministre des Classes Moyennes, et Ministre du Tourisme, par un magnifique temps estival au Generatiounsgaart Beaufort.

Avant la cérémonie officielle, une visite instructive et intéressante du jardin de permaculture „Generatiounsgaart Beaufort“ a été organisée sous la direction d'Annick Feipel.

Malgré son état de santé fragile, le président Ern Walerius a tenu à être présent en personne et a raconté dans son discours plein d'émotion que c'est de son point de vue de bourgmestre de Berdorf et du manque de personnel au service technique de la commune en 2006 qu'est née l'idée de faire d'une pierre deux coups :

D'une part, lutter contre la pénurie de main-d'œuvre - et d'autre part, faire quelque chose contre le chômage et permettre aux habitants de Berdorf et des environs de retrouver un emploi.

Le directeur général Hugues Herbillot et le Vice-Président Camille Hoffmann ont complété les explications par des détails importants et des étapes-clés personnelles.

Les deux ministres Lex Delles et Georges Engel ont conclu les discours par des éloges et l'assurance d'un soutien continu pour l'avenir.

Les discours ont été suivis par la préparation symbolique de la première pierre du nouveau bâtiment qui devrait être construit à Beaufort d'ici 3 ans.

Dans trois briques creuses préparées à cet effet, les chefs d'équipe ont placé 350 galets sur lesquels ont été inscrits les noms des collaborateurs du CIGR des dix dernières années.

Les pierres ont ensuite été scellées avec du mortier de manière plus ou moins experte par Messieurs les Ministres Georges Engel et Lex Delles, et par le Président Ern Walerius. Ces trois pierres seront ensuite utilisées comme pierres de fondation officielles.

Après un verre de l'amitié et un barbecue régional, la journée s'est terminée par des activités communes comme une balade à vélo sur le plateau de Beaufort.





### **Naissance du CIGR Mëllerdall ASBL**

En 2006, la commune de Berdorf a rejoint le CIGR Grevenmacher ASBL, dont M. Walerius est devenu membre du conseil d'administration jusqu'en 2011.

En 2011, Camille Hoffmann, bourgmestre de la commune de Beaufort, la commune de Nommern (qui faisait jusqu'alors partie du CIGR Syrdall) et Ern Walerius ont décidé de créer une structure plus locale à l'échelle de la région Mullerthal : le CIGR Mëllerdall. L'ASBL a été créée le 03 octobre 2011 avec l'aide d'Huques Herbillot qui en est devenu le directeur.

L'association d'aide de voisinage „Heinzelmännercher“, créée dès le début, avait pour but d'aider les personnes de plus de 60 ans et à mobilité réduite à entretenir leur maison et leur jardin.

### **Une progression constante**

En 2013, les communes de Consdorf, Waldbillig, Heffingen, Larochette, Echternach, et Rosport-Mompach ont également rejoint le projet „Heinzelmännerchen“.

En 2013, le service Rentabike Mëllerdall a également été créé avec le soutien de l'Office Régional du Tourisme Région Mullerthal - Petite Suisse Luxembourgeoise. Après une première année de test auprès de la commune de Berdorf, l'offre a été étendue aux communes de Beaufort, Berdorf, Consdorf, Echternach, Heffingen, Larochette, Rosport, Mompach, Nommern et Waldbillig.

### **Quelques faits**

Après 10 ans d'existence, le bilan est très positif, notre association est bien ancrée localement et joue pleinement son rôle social et de soutien.

Au cours des 10 dernières années :

- 350 travailleurs sont passés par le CIG.
  - 85 travailleurs ont été réintégrés dans le premier marché du travail.
  - 80.000 heures d'aide aux seniors ont été fournies, donc 16.000 heures en 2021
  - 30.000 vélos ont été loués
  - La structure est passée de 10 à 70 collaborateurs
  - Le service environnement est présent en 4 communes avec 15 travailleurs

Le Futur

L'avenir de notre association s'écrira en partie à Beaufort, où il est prévu de construire prochainement un bâtiment. La commune est sur le point de finaliser l'achat du dernier terrain pour ce projet de construction attendu depuis plusieurs années. L'objectif est d'offrir un local qui soit adapté aux besoins du CIG ; une association avec des projets différents, des effectifs en augmentation, et qui a l'ambition de continuer à se développer dans les meilleures conditions au cours des prochaines années.



Foto: Caroline Martin / Text: CIGR

# Rex Kalehoff: E Kënschtler bei der Aarbecht am “Maartbësch”

**A**m Kader vun der Woch vum Natur- & Geopark Mëllerdall vum 30.5. bis 5.6.2022 ass zu Bäertref bei der Tourist Info am Maartbësch eng nei Skulptur entstanen.

Deem aus New York City gebiertege Kënschtler Rex Kalehoff konnt ee während dem Entsteeungsprozess iwwer d'Schëller kucken. D'Skulptur kann een aktuell nach bei der Festplaz am Maartbësch kucke goen. D'Iddi war et eng Mëllerdaller Landschaft a Form vun enger Skulptur aus Holz vun hei nozebildene. Finanzéiert gouf de Projet vun der Gemeng Bärtrëf a vum Natur- & Geopark Mëllerdall.



## Rex Kalehoff: Suivre un artiste lors de son travail au centre “Maartbësch”

**D**ans le cadre de la semaine du Parc géologique et naturel “Mëllerdall” du 30.5 au 5.6. 2022, une nouvelle sculpture a été créée près du Tourist Info au centre “Maartbësch” à Berdorf. On pouvait suivre de près le travail de l'artiste Rex Kalehof, né à New York City, pendant le processus de création de cette sculpture, laquelle se trouve actuellement sur le site. L'idée consistait à créer un paysage du Mullerthal sous forme d'une sculpture en bois de notre région. Le projet a été soutenu par la commune de Berdorf et le Parc Géologique et Naturel «Mëllerdall».

# Mëllerdall goes UNESCO!

**A**ls Partnergemeng vum NGPM si mir frou lech matdeelen ze kennen, datt den Natur- & Geopark Mëllerdall an d'Weltnetzwierk vun den UNESCO Global Geoparks opgeholl gouf. Dëst Netzwierk besteet elo aus 117 Memberen aus 46 verschidde Länner. Och mir soen heimat am Numm vum NGPM jidderengem Merci, deen zu dëser Kandidatur bäägedroen huet. Dëst ass nämlech eng wichteg Etapp, net némme fir den NGPM, mee och fir Lëtzebuerg, well eis Regioun all Joers immens vill Leit aus dem Ausland unzitt. Mir sinn houfreg drop, eng Partnergemeng vum UNESCO Global Geopark Mëllerdall ze sinn!



**E**n tant que commune partenaire NGPM, nous sommes fiers de pouvoir annoncer que le Natur- & Geopark Mëllerdall a officiellement été intégré dans le réseau des UNESCO Global Geoparks. Le réseau est désormais de 117 membres de 46 pays différents. Au nom du NGPM, nous profitons de l'occasion pour remercier toutes celles et ceux qui ont contribué au succès de la candidature. Ceci représente une étape cruciale, non seulement pour le NGPM, mais aussi pour le Luxembourg, puisque la région attire tous les ans de nombreuses personnes venant des quatre coins du monde. Nous sommes très fiers d'être une commune partenaire du UNESCO Global Geopark Mëllerdall!



Text a Fotoen: NGPM

# 3


# Schoul an Opfangstrukturen



## De Schoulreider



Photos: Martine Thommes-Wintersdorf



A Wiewesch - Thema Schof



Bei den leselen

Bei de Siweschlüff



De Gärtner Claude an de Gärtner Kevin planze mat eis Beem an Hecken




Dem Rex seng schéi Bänk



Op Besuch beim Rex



Sprangprozessioun 2022



Sprangprozessioun 2022





Um lechternacher Séi an am Trifolion



Léieren dobaussen mat vill Spaass






Liesucht Cycle2.1






Paiperlécksgaart Gréiwemaacher









Ausfluch Amnéville Zoo



Lesepaten



Ponyreiden





# Klibberkanner 2022

No 2 Joer Pandemie, konnten dëst Jar d'Kanner vu Berdorf a Bollendorf-Pont vu gréngen Donneschden bis Ouschtersamsden, endlech rëm mat hirer Klibber duerch d'Stroosser zéien fir d'Moies-, d'Mëttes, an d'Öwesklack unzékennegen.

Samschdes Moies nom Klibbertour hunn d'Kanner viru Schmadds eng gutt Mëtsch an e Schocki kritt.

Samschdes Mëttes sënn d'Klibberkanner dunn, bei sonnegem Fréijarswieder, hire Klibberloun siche komm, an hunn de Leit en traditionellt Lidd gesongen a frou Ouschtere gewënscht.

Zum Schluss goufen a Schmadds d'Séissegkeeten an d'Sue gedeelt.

Mir soen deene Leit Merci, déi Klibberkanner sou léif empfang hunn, a si mat enger Séissegkeet an engem klengen Täschegeld belount hunn. Mir soen awer och all deene Leit Merci, déi net do waren, an awer de Klibberkanner eng kleng Titchen oder Enveloppe un d'Dier gehaangen hunn.

Wéi schon am Virfeld ugekënnegt, gouf d'Hallschent vun de Suen un d'Ukrain gespent. D'Klibberkanner kënnen houfreg sënn an e Scheck vun 1000 Euro un „CARE in Luxembourg a.s.b.l. Urgence Ukraine“ iwwerreechen.

Villmoos Merci de Leit fir hir Generositéit.

Awer och villmoos Merci deene Kanner, déi mat klibbere waren. Duerch si lieft dës al Lëtzebuerger Tradition weider, a mir hoffen, datt d'nächst Jar rëm vill Klibberkanner duerch Duerf zéien.



Text a Fotoen: Martine Thommes-Wintersdorf



# Sponsored Run

In der diesjährigen Schulsportwoche haben wir in der Schule einen Sponsored Run veranstaltet, um Geld für ein gutes Werk zu sammeln. Am Montag, den 16. Mai sind wir unsere Runden um den Fußballplatz in Berdorf gelaufen.

Der Sponsored Run wurde veranstaltet um Spenden für die „Kinder-nothilfe“ zu sammeln. Mit der Partnerorganisation „CONCORDIA Sozialprojekte“ kümmert sich Kindernothilfe in der Republik Moldau um die Versorgung und Unterbringung von geflüchteten Kindern und deren Familien, indem sie diesen Notunterkünfte zur Verfügung stellen. Zudem betreuen die Concordia-Mitarbeiterinnen und Mitarbeiter die Kinder psychologisch.

Jedes Kind hat im Voraus Sponsoren aus dem Familien- und Freundeskreis ausgesucht, die sich per Unterschrift verpflichteten, für die geläufigen Runden, einen selbst ausgewählten Betrag zu spenden.

Die Sponsoren wurden zu einem späteren Zeitpunkt schriftlich darüber informiert, wie viele Runden das Kind gelaufen ist. Schlussendlich kam die unglaubliche Summe von 10 000 Euro zusammen.

**Wir danken unseren Sponsoren für die große Unterstützung.**



# Klassefotoen 2022



Precoce

Bigelbach Adehm Jo, Daprile Damiano, Eiffes Kayser Lexy, Illichmann Leonard, Mc Namara Ethan Peter, Nilles Amelie, Nilles Félix Tom, Nsungu Lema Zaya Bageya, Reisdorf Fernandes Daniel Robert, Schmalen Georges, Schmalen Liam, Shaikh Yousef Mohammad Ala, Wang Ivan



Cycle 1.1 / 1.2

Alabdullah Alahmad Ahmed, Brown Karen, Chacon Bravo Bradeleyn Nicolle, Chouli Amira, Defive Tayson, Eiffes Sam Fernand, Matos Lima Anthony José, Oates Christopher Aston, Reisdorf Fernandes Laura, Titus Dias Romeo Akin, Vaz Luis Mia, Wang Mick



Agreda Angulo Tomas Rafael, da Silva Pereira Lucas, Hemmer Joy, Lima Fernandes Ana, Meyer Alexia  
Marie-Anne Camille, Pereira Eidan José, Petit Loris, Queirós Joel Dinis, Santiago Alves Kenzy, Schertz Gianna,  
Silva Martins Mia, Van Der Meer Bryan Mason, Yanouri Elias



Berg Noah, Kayser Emil Maximilien, Mc Namara Leon William, Mendes Ferreira Sara, Millen Noémie, Neyen  
Julie, Nilles Mathilda Nathalie, Schmit Charlotte, Shaikh Yousef Hala, Thiry Pacio Lucie, Viegas Ribeiro Vitória,  
Wilhelm Emma, Wintersdorf Maxime

## Cycle 2.1 A



Berg Finn, Caprasse Maia Sara, Hettinger Lou, Kózka Klaudia, Marcelo Fontes Tomas, Marionneau Quispe Iñazki, Mendes Elena Gabriela, Nilles Max Bob, Pesch Charles, Rahou Ferreira Ines, Rodrigues Fernandes Mara, Santomauro Noah

## Cycle 2.2



Costa Correia Barreto Christian Patrick, Degano Lea, Duhamel Léna Claire Nadia, Flor Vrolijk Jayson, Gaspar Martins Bruna, Gillen Heintz Jamie, Herrmann Mex, Kadhim Moamel Mohammed Kadhim, Morais dos Santos Kelly, Saraiva Rebelo Rodrigo Martim, Schertz Jannek, Schiesl Aurora, Titus Dias Leandro, Wilhelm Anna, Wirtz Scott, Yanouri Karim

**Cycle 3.1**

Alabdullah Alahmad Mohammad, Azevedo Sousa Lara, Borges Ribeiro Samuel Lucas, Caprasse Maia Sofia, Coelho Batista Pedro Simão, De Sousa Pereira Yara Filipa, Degano Lino, Duhamel Inès Sylvie Najia, George Maya, Haxter Charlee, Kadhim Ruqayah Mohammed Kadhim, Kelemen Araujo Mia Melody, Loureiro Moorea, Mc Namara Sofia, Pita Martinho Laura, Silva Castro Maria Inês, Steimetz Ben, Steimetz Sam, Vrehen Maxi

**Cycle 3.2**

Bier Harone, Coner Jeff, Ferreira Aaron, François Noémie, Graff Benjamin, Haas Emma, Heinrichs Ean, Heinrichs Enya, Kayser Audrey Marie, Lima Fernandes Eva, Marcelo Fontes Daniel, Nunes Costa Romeo Adriano, Rahou Ferreira Zahra, Ribeiro Paulos Henrique, Santiago Alves Enzo, Santomauro Sophie, Schertz Aaron, Shaikh Yousef Lama, Shaikh Yousef Sama, Silva Simoes Ariana

## Cycle 4.1



Abreu Barbosa Alexandre, Afonso Joey, Boden Mia, Cerqueira Schmitt Mika, Collignon Brandon, Da Costa Borges Guillouzic Raphaël, Dumont Fleur, Eiffes Cassandra, Genson Charlie, Guettaf Adam, Herrmann Mika, Laugs Yola, Marionneau Quispe Chaska, Metzler Joy, Moutinho Soares Duarte Manuel, Soisson Morgane, Wanderscheid Lilli, Wilmes Shane, Wintersdorf Lou

## Cycle 4.2



Borri Livia, Chevrier Elyas, Coner Claire, Eiffes Amy, Ferreira Massimo, George Jan, Guettaf Amir, Mendes Rúben Micael, Moreno Santos Kevin, Pereira Fernandes Matias, Pita Martinho Marta, Pontinha Moura Brian, Prost Anna, Schmit Marie Louise Thérèse, Steimetz Imani, Wacker Henry



# Schoulrallye 2022



# Etat civil Anniversaires

## Partenariat

Madeira Laurenço -  
Teixeira Ascencan  
10.06.2022



Marriage  
Rocha Monteiro-  
Lopes Games  
21.05.2022

# Mariage

## Majerus-Wintringer

### 25.06.2022



## D'Madame Elise Bisdorff-Krier vu Bäertref feiert seng 90 Joer

**D**e lëschte 7. Juni huet Bisdorff Elise gebueren Krier säin 90. Liewensjoer erreecht. Am Krees vun der Famill gouf deen Dag dann op Mammendag am Hotel Bel-Air, wou d'Elise säit e puer Joer an der Seniorenresidenz wunnt, gefeiert. De Schäfferot vun der Gemeng Bäertref huet dës Geleeënheet genutzt fir dem Elise déi häerzlechst Gléckwënsch vun de Bierger vun der Gemeng Bäertref z'iwwerbréngten.

Gebuer 1932 zu Bartréng, gouf d'Elise de 10. Februar 1956 zu Bäertref mam Valentin Bisdorff bestuet. Vun do un war seng wichtigst Aufgab d'Féierung, zesummen mat sengem Mann vum deemools landeswäit wéi och international bekannte Hotel Bisdorff an der Heesbech. Leider ass de Bisdorffs Val, wéi déi Berdorfer hee genannt hunn, vill ze fréi schonns am Joer 1977 gestuerwen.

Zesummen mat sengen Meedercher, dem Sylvie an dem Danièle huet d'Elise deen renomméierte Hôtel mat vill Asaz trotz allem weidergefouert, an dat bis zur wuelverdénge Pensioun. Soulaang et dat konnt, huet d'Elise en Deel vun senger Pensioun all Joer am Süde vu Frankräich verbruecht, bis et net méi alleng méiglech war. Lo genéisst hatt an der genannter Seniorenpensioun déi lescht Joeren vu sengem mat ville schéinen an och manner schéine Momenter geféllte Liewen, an dat énnerstëtzzt vu sengen 2 Meedercher, senger Enkelin an deem senge zwee Kanner, souwéi ville Frënn a Bekannten vun der Famill.

Mir wënschen dem Elise nach vill Courage fir déi nächste Joeren an am Wichtegsten weider eng gutt Gesondheet.



## Madame Elise Bisdorff-Krier de Berdorf fête son 90e anniversaire

**L**e dernier 7 juin Madame Bisdorf Elise née Krier vient d'obtenir ses 90 ans. En famille elle vient de fêter cet événement le jour de la fête de maman à l'hôtel Bel-Air, où Elise réside de bien quelques années dans la pension pour seniors. Le collège échevinal de la commune de Berdorf vient de profiter de cette occasion de transmettre à Madame Bisdorff les félicitations de toute la communauté de Berdorf.

